piraten.lu

N° 4059
Entrée le 06.05.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.05.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Den Aide-soignant-Beruff steet ënnert wuessenden Drock: eng konzentréiert Schoul-Offer, e wuessende Personalmanktem an Onkloerheete bei den Tâchen. Gläichzäiteg gouf am Kader vum Projet de loi 8108 eng Taskforce ënner der Fiederféierung vum Ministère fir Gesondheet a Sozialversécherung (M3S) zesummegestallt, déi FHL, COPAS, ENSA, Université du Luxembourg, CSCPS an ALAS ëmfaasst.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wou steet d'Taskforce aktuell a wéini rechent d'Regierung domat, hir Schlussfollgerunge virzestellen?

2. Wat ass d'Positioun vun der Regierung zur Revalorisatioun vum Beruff vum Aide-soignant iwwer d'Moossname vun der CCT-SAS 2025-2027 eraus, notamment wat den Tätegkeetsberäich an d'berufflech Unerkennung ugeet?

3. Plangt d'Regierung eng offiziell, formell Passerell anzeféieren, déi den Aide-soignanten et erlaabt, ouni exzessive Verloscht un Zäit an Unerkennung vun hirer Beruffserfarung, de Beruff vum Infirmier opzehuelen — a wa jo, no wéi engem Zäitplang?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an der Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul op d'parlamentaresch Fro n° 4059 vum 6. Mee 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

1. *Wou steet d'Taskforce aktuell a wéini rechent d'Regierung domat, hir Schlussfollgerunge virzestellen?*
2. *Wat ass d'Positioun vun der Regierung zur Revalorisatioun vum Beruff vum Aide-soignant iwwer d'Moossname vun der CCT-SAS 2025-2027 eraus, notamment wat den Tätegkeetsberäich an d'beruffflech Unerkennung ugeet?*
3. *Plangt d'Regierung eng offiziell, formell Passerell anzeféieren, déi den Aide-soignanten et erlaabt, ouni exzessive Verloscht un Zäit an Unerkennung vun hirer Beruffserfarung, de Beruff vum Infirmier opzehuelen — a wa jo, no wéi engem Zäitplang?*

D’Diskussioune ronderëm d’Attributiounen an eventuell Passerellen tëscht de Gesondheetsberuffer gi mat allen implizéierte Partner gefouert. Hei geet et ënner anerem drëms vum Aide-soignant bis zur Pratique avancée am Kader vum Infirmier en soins généraux sämtlech Attributiounen duerchzediskutéieren an entspriechend zu de Profiller ze verdeelen an dann an de jeeweilege Curricula virzegesinn.

Den Aarbechtsgrupp, deen domat beoptraagt ass, den Inhalt vun der Annexe 7 betreffend de Beruff vum Aide-soignant ze analyséieren an ze iwwerschaffen, wäert seng Aarbechten an de kommende Méint ofschléissen. Et ass virgesinn en Avant-projet de loi zu dëser Reform am Hierscht 2026 ze deposéieren.

Wat d’Zuelen zu der aktueller Passerell tëscht dem Aide-soignant an dem Infirmier en soins généraux ubelaangt, sou goufen tëscht 2016/17 an 2025/26 am Ganze 36 Persounen, déi een Ofschloss am DAP Aide-soignant haten, op eng 2e, respektiv eng 1re GSI vun der Direktioun vun der ENSA zougelooss.

D’Méiglechkeet besteet, fir sech mat engem DAP als Aide-soignant an d’Formatioun vum Infirmier, déi an der ENSA ugebuede gëtt, anzeschreiwe via eng “admission conditionnelle”.

De legale Kader heifir befënnt sech am Gesetz vum 25. Juni 2004 (*Loi du 25 juin 2004 portant organisation des lycées*, Artikel 39).

Lëtzebuerg, den 19. Juni 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez